Amicale des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme
Schieren

p.adr.: Mathias NICKELS
23, route de Stegen
L-9133 SCHIEREN

Schiren, den 6. Juli 1997

**Association des Enrôlés de Force**
**Victimes du Nazisme**
**B.P. 2115**
**L-1024 LUXEMBOURG**

Léif Komeroden vum Zentralcomité,

De Comité vun den « Schirener Zwangsrekrutéierten » wëllt Iech mat dësen Zeilen folgendes ze wëssen din:

An der leschter Generalversammlung ass décidéiert gin, den 35ten Anniversaire vun eiser Amicale den 12. Oktober 1997 zugläich mam nationalen Gedenkdag, duerch eng Feier mat besonnëschem Charakter ze wierdegen.

JPG to PDF Lite

De Comité hofft folgenden Programm ze présentéieren:
Mir treffen eis um 10:00 Auer um Kirfecht, leën Blummen beim Monument fir eis gefaalen, vermëssten an nom Krich verstuerwen Memberen nidder. Um 10:30 Auer, feierlëch Gedenkmass an der Porkiirch, fir déi verstuerwen an liewend Memberen vun der Sektioun. Uschléissend beim « Monument aux Morts » bei der Kiirch, während « Sonnerie aux Morts » erkléngt, leën d'Gemengenautoritéiten a mir Enrôlés de Force eng Gerbe néier.

Duerno, déi offiziell Réceptioun op der Gemeng.

De President vun eiser Amicale géif dann do déi Honnertsäiteg handgeschriwwen Duerfchronik ***« Schieren im Weltkrieg 1940-1945 »***, déi eisen Schoulmeeschter, den Här Antoine Bourkel, gläich nom Krich verfaasst huet, dem Buergermeeschter Jos LUTGEN iwwerreechen. Mat dem gréissten Respekt an Sympathie vis-à-vis vum Här Bourkel wëlle mir dëst Dokument,

esou wéi mir dem Irène Bourkel et versprach hun, den Archiven vun der Gemeng zoukommen loossen.

Den nächste Punkt wier dann déi eventuel Éirung an Iwwerreechung vum *« Diplôme d'honneur de la Fédération V.N.E.D.F »*, déi den Zentralcomité virgesin huet fir d'Mme Irène Bourkel, Duechter vum Schoulmeeschter Antoine Bourkel, dat als Unerkennung a Merci fir d'Bereedstellung vum 2. Deel aus der Duerfchronik ***« Schierener Söhne unter der Hacken-kreuzfahne »*** den am ***«Mémorial de la Déportation»*** Hollerich-Gare als Symbol fir den Leidenswee vun der geafferter Generatioun presentéiert gët.

Den Sektiounscomité wier frou, wan d'Komeroden vum Zentralcomité fir déi Geleënheet eng Délégation bei eis géing schécken. Eise Wonsch wier ët, de Komerod Roger GALLION vu Strossen bei där Geleënheet kënnen ze begréissen. Hien huet keng Aarbëcht a Méi gescheit, Kontakt opgeholl mat der Mme Irène BOURKEL a mam lokalen Comité, fir déi vill Artikelen a Bréiwer ze ranjhéieren, fir se kënnen am Musée ze présentéieren. De Komerod Mill GRUBER vu Lëntgen, als alen Ettelbrécker Noper, géifen mir och gären an eiser Mëtt wellkomm heeschen.

Als Ofschloss vun der Feier, ass et de Wonsch vun den Sektiouns-Memberen eise Komerod Martin THOMA fir séng 35 Joër Presidentschaft ze éieren.

JPG to PDF Lite

Um 12:30 Auer huet eis Amicale Rendez-vous am Restaurant « Cavallino » 2, rue Prince Jean L-9052 Ettelbréck, fir engt gemeinsamt Méttegiessen. De Comité wier frou, wa mir déi Komeroden vun der Délégatioun do als Éireäscht kennten begréissen.

Zum gudden Enn, hale mir eis jährlëch statutarësch Generalversammlung of.

Mir hoffen, léif Komeroden vum Zentralcomité, dat eis Feier Är Unerkennung wärt fannen a soen lech viraus e grousse Merci fir hirt Verständnis an Entgéintkommen.

Am Num vum Comité
De Secrétaire
Mathias Nickels